



MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser

Den Här Fernand Kartheiser kritt d'Wuert fir den Depot vun enger Resolution a vun enger Proposition de loi. Här Fernand Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt dann ufänke mat enger Proposition de loi. Déi référéiert sech op dat Gesetz, wat mer hunn iwwert de Referendum um Niveau national. Dat ass vum 4. Februar 2005. An Dir wësst, wann ee sech wëllt aschreiwen, fir esou eng Iddi fir e Referendum ze ënnerstëtzen, da muss een op d'Gemeng goen. Do sinn da Lëschten ausgeluecht.

A mir hu geduecht, datt dat eigentlech net méi ganz zäitgeméiss ass. Net, datt mer eppes dogéint hätten, mee mir hunn an der Tëschenzäit eng Rei vun elektronesch Prozeduren, zum Beispill och an e sem Petitiounswiesen hei an der Chamber. An dës Proposition de loi soll eigentlech dann dat Gesetz vun 2005 an deem Sënn amendéieren, datt ee sech och kann elektronesch aschreiwen am Kader vun der Referendumsprozedur, fir dann déi Iddi ze ënnerstëtzen. An deem Sënn wëllt ech lech déi Proposition de loi iwwerreechen.

7771 - Proposition de loi relative à la procédure de collecte des signatures en vue d'un référendum prévu à l'article 114 de la Constitution et portant modification de la loi modifiée du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser.

7. Dépôt d'une résolution par M. Fernand Kartheiser

Exposé

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR), auteur.**- Dat Zweet betrëfft eng Resolution. An dat huet och mat engem Referendum ze dinn. An zwar wëllt ech hei driwwer schwätzen, ganz kuerz, datt mer an der Institutiounekommissioun jo iwwer Verfassungsännerungen diskutéieren an datt mer eng Situatioun hunn, wou 2018, virun de Walen also, virun den nationale Walen, eng ganz Rei vu Parteien e Versprieche gemaach hunn.

An dat Versprieche war, datt éischstens emol e breeden ëffentlechen Debat soll organiséiert ginn, fir déi proposéiert Verfassungsännerungen an der Ëffentleckeet ze diskutéieren. An da sollt deem zweete Vote constitutionnel ersat ginn duerch e Referendum. Ech hunn hei d'CSV: „Vor dem ersten verfassungsrechtlichen Votum wird der Verfassungstext in regionalen Diskussionsrunden mit den Bürgern erörtert und diskutiert.“ An da kënnt de Referendum. Fir d'LSAP soll „der neue Verfassungstext allen stimmberechtigten Bürgern“ fir e Referendum virgeluecht ginn. D'Demokratesch Partei idem.

Elo ass et awer esou, datt an där Institutiounekommissioun vun engem Referendum keng Ried méi geet. An dat mécht eis Suergen! Dofir wollte mir hei eng Resolution proposéiere fir ze soen: „Majo, déi Aarbechten, déi mussen enger breeder ëffentlecher Diskussioun virgeluecht ginn, esou wéi d'Parteien dat de Wieler och versprach hunn!“ An da muss och den Engagement agehale ginn, dee virun de Wale geholl gouf, nämlech datt den zweete Vote constitutionnel net hei an der Chamber ass, mee duerch e Referendum ersat gëtt. Dat ass e Walverspriechen, wat eng Rei Parteie gemaach hunn. A vu datt dovunner am Abléck keng Ried méi geet, fanne mir et ganz wichteg, datt dat elo hei nach eng Kéier kloer gesot gëtt, datt net hannert dem Réck vum Wieler - well esou gesäit et aus -, datt net hannert dem Réck vun de Leit eng Verfassungsännerung gemaach gëtt, mee a voller Transparenz an a Consultatioun mat de Leit an iwwert de Wee vun engem Referendum.

Ech soen lech Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser.

Résolution

D'Chamber vun den Deputéierten

- stellt fest, datt d'Aarbechten an der Institutionen- a Verfassungsrevisiounskommissioun vun der Chamber un neie Verfassungstexter séier virukommen;

- erënnert un d'Verspriechen, dat vill Parteie virun den nationale Legislativwalen 2018 ginn haten, fir déi nei Verfassungstexter enger breeder ëffentlecher Debatt virzeleeën, dono nach Ännerunge virzehuelen an dono, nom éischte konstitutionelle Vott an der Chamber, den zweete Vott iwwert déi nei Verfassung duerch e Referendum ze ersetzen;

decidéiert,

- esou séier wéi méiglech eng breet ëffentlech Debatt iwwer all Propositionen zur Ofännerung vun der Verfassung, am Kader vun deenen Aarbechte fir eng global Verfassungsrevisioun, ze organiséieren;

- d'Resultater vun deene breede Consultatiounen an d'Aarbechten afléissen ze loossen;

- den zweete konstitutionelle Vott iwwer all Revisiounspropositione fir d'Verfassung, déi sech an eng méi global Verfassungsrevisioun aschreiwen, duerch e Referendum ze ersetzen.

(s.) Fernand Kartheiser.

8. 7664 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire

Elo komme mer zum Projet de loi 7664, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Militärorganisatioun. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain. Madamm Empain, et ass un lech.

Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

■ **Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice.**- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg huet sech engagéiert, säin Effort de défense ze erhéijen, fir op 0,6 % vum PIB ze kommen. An dës Regierung verfollegt och méi allgemeng d'Zil, fir d'Kredibilitéit an d'Zouverlässegkeet vu Lëtzebuerg als faire Partner an der NATO a fir d'EU ze festegen.

Als solidaresche Partner an engem Sécherheetsbündnis mussen mer natierlech och an Zukunft derfir suergen, dass mir eisen Effort esou héich halen, dass mer eisen Engagement am Allgemenge kënnen nokommen. Dobäi ass et de Prinzip vum Effort raisonnable, deen eis leet.

Den Effort de défense besteet awer natierlech net just doranner, sech u gréissere Projeten ze bedeelegen, mee d'Arméi selwer muss jo och deementspriechend opgestallt sinn, fir de jeeweilege Missiounen kënnen gerecht ze ginn a fir hiren Deel zum Effort de défense bäizedroen.

An och den NATO Defence Planning Process verlaangt eis esou munches um Niveau vum Personal an der Formatioun vun deem Personal of, soudass och den NDPP eis forcéiert, Adaptatiounen virzehuelen.

Dat bedeit deementspriechend, dass och verstärkt muss an d'Ressources humaines innerhalb vun der Arméi investéiert ginn, an zwar besonnesch um Niveau vun den Offiziéier an den Ënneroffiziéier, dëst fir sécherzustellen, dass mir en héijen operationellen Niveau kënnen oprechterhalen. Dozou kënnt awer och, dass den Accord vun 2019 iwwert d'Aarbechtszäiten an de Repos an der Arméi de Mangel u Personal nach eemol staark verstärkt huet.

Aktuell ass d'Unzuel vun de Posten an de jeeweilege Karriären am Gesetz plafonéiert. Dëse Plaffong ass zënter 2008 net méi aktualiséiert ginn a muss deemno no uewen ugepasst ginn. An dat ass dat, wat mir elo mat dësem Gesetz maachen, fir eise Rekrutementsziler bis 2023/2024 kënnen gerecht ze ginn.

Am Abrëll dëst Joer wäert allerdéngs och dat neit Militärgesetz deposéiert ginn. An dëst gesäit dann eigentlech och keng Plaffonge méi vir. Änlech wéi dat zum Beispill och bei der Police de Fall ass, soll dann an den zukünftege Budgeten eng bestëmmt Unzuel un zousätzleche Poste virgesi ginn.

Wat mer also elo haut hei maachen, ass an deem Sënn eng Tëscheléisung. Mir wëllen der Arméi et erlaben, weider ze rekrutéieren, och ier dat neit Militärgesetz a Kraaft trëtt. A vu dass dat neit Gesetz awer e relativ komplex Dokument ass, wäert dat nach eng Zäitchechen daueren, bis et duerch d'Prozedur ass, soudatt et fir d'Arméi wichteg ass, elo schonn op de Wee vun dëser klenger Gesetzesadaptatioun ze goen. An dofir wollt ech och Merci soen, dass mer dëse Projet haut konnten op den Ordre du jour huelen an dëser exzeptioneller Pleniëre, fir eeben der Arméi ze erlaben, mam Rekrutement virunzekommen.

Wat gesäit d'Gesetz also elo konkret vir? Et geet ëm de Rekrutementsplang vun der Arméi fir den Zäiraum 2021 bis 2024, deen eebe virgesäit, den Effectif vun der Arméi ëm zousätzlech 164 Leit ze erhéijen. Hei handelt et sech souwuel ëm militärescht wéi och ëm zivillt Personal. An obwuel, wéi scho gesot, den Taux d'encadrement, also vun de Militaires de carrière, muss no uewe geschrauft ginn, gëtt och zivillt Personal rekrutéiert. Allerdéngs, wa mer dovunner schwätzen, 45 Leit pro Joer ze rekrutéieren, da sinn dat 15 Leit zivillt Personal an 30 Militaires de carrière.

Dëse Projet de loi ass den 10. September 2020 deposéiert ginn. Den 12. Oktober huet d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hiren Avis dozou ofginn a si huet sech virun allem preoccupéiert gewisen iwwert de Fait, dass uviséiert gëtt, méi um Niveau vun de Carrières supérieures wéi bei de Carrières inférieures ze rekrutéieren. An hei krute mer awer och an der Kommissioun erkläert, dass et eeben esou ass, dass déi geplangt Adaptatiounen, déi elo virgeholl ginn, eeben den zukünftege Besoinen um Terrain, souwuel um Niveau vun der Planifikatioun wéi och vun der Exekutioun, Rechnung droen. An ausserdeem ass et och esou, dass dee Ratio sech och nach wäert relativéieren, well aktuell d'Carrières inférieures hire legale Plaffong nach net erreecht hunn an deemno do souwisou nach Sputt no uewen ass.

De Staatsrot huet säin Avis den 11. Dezember ofginn an en huet hei keng Opposition ausgeschwat. De 4. Februar hu mir de Projet an der Verdeedungskommissioun analyséiert an de Rapport dunn och den 9. Februar ugeholl.

Domadder ass mäi mëndleche Rapport fir haut ofgeschloss. Da bleift mer am Fong geholl just nach, der Arméi ze wënschen, dass se hir Rekrutementsziler erreecht an hir Campagne erfollegräich wäert verlafen.

Ech soen lech alleguerte Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun an dass mer dat esou séier konnten op de Wee bréngen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech och den Accord vun eiser Fraktioun.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen der Madamm Rapportrice Stéphanie Empain Merci.

Ech ginn d'Wuert direkt weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Merci, Här President. Ech wollt der Rapportrice Merci soe fir hiren effektiv gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport. An et ass kloer, dass dëse Projet de loi iwwert d'Organisation militaire vun eiser Arméi de militäreschen an ziville Kader op den Horizont 2024 festleet. Et ass schonn eng Demarche, déi novollzéibar ass. 2014 hu mer decidéiert, datt mer wëllen eisen Effort de défense héijen, um Sommet zu Wales vun der NATO. An dat geschitt dann haut och hei.

An ech gesinn, mengen ech, heiran och e Moyaen, fir d'Arméi méi attraktiv ze maachen, nämlech duerch eng Reorganisatioun vum personelle Kader.

Gutt, et gëtt invoquéiert, mir hätten nëmme 25 % Encadrement vun de Leit. Ech weess net, wat dat heescht. Mir sinn eng kleng Arméi. Mir maache praktesch all eis Missiounen mat Noperen, mat de Belsch meeschstens, a mir kënnen mol kee Bataillon opstellen. Dofir mengen ech, dass déi 25 % vun Encadrement, dass dat net onbedéngt en Argument ass, obschonn et mech awer géif interesséieren, wéi dat soll an Zukunft elo geschéien.

Dat heescht, Här Minister, wa mer elo méi encadréieren, kënnt Dir eis da vläicht an deenen nächste Méint eng Kéier an der Chamber déi Projektionen, déi et do gëtt, iergendwa matdeelen? Dat wär net schlecht. Da gesäit d'Kommissioun och, wéi d'Arméi sech dann do wëllt opstellen.

Ech wëll kloer soen: D'CSV ënnerstëtzt prinzipiell dësen numeereschen Ausbau. Mee wat heescht dat qualitativ, dësen Ausbau? Dat heescht, d'Arméi soll jo méi attraktiv ginn - ech hunn et gesot -, an do stelle sech awer da Froen beim Rekrutement. An déi ginn d'ailleurs och a verschiddenen Avisen opgeworf. D'Fro ass: Kréie mer genuch Leit als Offiziéier, genuch Leit als Ënneroffiziéier, genuch Leit als Kapereel? A wéi schreift d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics: an der Carrière inférieure géife mer keng Leit fannen! Ech mengen, do ass et derwäert, dass Der vläicht eng Analys maacht, ...

■ **Une voix.**- O.

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- ... dass Der eng Analys maacht a kuckt, wouduerch dat ass, dass mer déi Leit net fannen.

Tatsaach ass och, wann ech richtig informéiert sinn, dass zum Beispill, wat d'Offiziéier ugeet, mer e Kader vun 80 Leit hunn de Moment. Déi sollte mer hunn. Et sinn der awer nëmme 66 do! Dat heescht:

Hu mer elo e Plang fir ze rekrutéieren, fir am Fong geholl méi Leit an d'Arméi ze kréien?

An iwwerhaupt, d'Iddi vun deem „Waasserkapp“, dee kéint entstoen, déi dann och opgeworf gëtt vun der Chambre des fonctionnaires: Wat ass dee wäert? Ech weess et net. Vlächicht kënnt Der eis do och e puer Detailer derzou ginn.

Wéi deem och ass, de Rekrutement muss moderniséiert ginn. D'Arméi muss méi Flexibilitéit kréien. An et muss och gekuckt ginn, wie wat decidéiert. Dat heescht, decidéiert elo hei d'Arméi, wien agestallt gëtt, oder mécht d'Defense (veuillez lire: mécht d'Direction de la défense) dat selwer? Dat ass fir mech och wichteg, dat ze wëssen.

Wat wichteg ass fir eis alleguerten, dat ass, dass mer e globalen Image fir eis Arméi opbauen, wou Transparenz a Kommunikatioun am Mëttelpunkt stinn. Mir brauchen am Fong geholl effektiv eng zukunftsfit Struktur, an dëst Gesetz, mengen ech, ass de richtige Wee dohinner. Duerfir ënnerstëtze mir et och.

An ofschléissend vlächicht nach eng Suerg, oder e Gedanken: Wa mer jo eng nei Attraktivitéit an eis Arméi misste kréien, op déi mer sollten houfreg sinn, da muss d'Politik och d'Arméi méi an d'Mëtt vun der Gesellschaft féieren an net ënner „ferner liefern“ behandeln. Ech wëll net soen, dass dat elo geschitt ass. Mee et ass wichteg, dass mer an déi Richtung ginn, dass mer am Fong geholl aus eiser Arméi eng wierklech Biergerarméi maachen, mat där sech d'Leit e bëssen identifizéieren; en neien Image, e positiivt Arméibild. Ech mengen, esou gëtt d'Arméi méi attraktiv a si fënnt d'Ënnerstëtzung vun eiser Gesellschaft.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Halsdorf. An d'Wuert geet direkt weider un den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Lëtzebuurger Arméi gouf den 30. November 1944 duerch en Arrêté grand-ducal gegrént a si hat ee Joer méi spët, am November 1945, u sech hiren éischte grësseren Asaz. An zwar war dat d'Besetzung vu friemem Territoire. Mir hunn deemools zwee Bataillounen op Bitburg geschéckt, fir u sech eng Sträif zwëschent der Our, d'Sauer erof bis op d'Musel ze besetzen.

Firwat soen ech dat elo hei? Dat kléngt vlächicht e bëssen anachronistesches, et ass et op eng Manéier och, mee ech soen dat aus deem ganz einfache Grond: well een dorunner awer gutt gesäit, wéi sech d'Arméi entre-temps entwéckelt huet. Et ass déizäit natierlech nach keng UNO ginn, et ass nach keng NATO ginn, et ass nach keng Europäesch Unioun ginn. An haut si mer an engem ganz aneren Szenario. Haut sti mer natierlech viru ganz aneren Erausforderungen. Mir brauchen haut eng modern Arméi. Mir brauchen eng Arméi, déi dem Zäitgeescht ugepasst ass. An, wat virun an hei richtig vu mengem Virgänger gesot ginn ass, mir mussen versichen, eeben och d'Image de marque vun der Lëtzebuurger Arméi no baussen nach besser duerzestellen.

D'Arméi huet u sech do e gewëssene Problem, dat ass richtig. Ech wëll elo kengem ze no trieden, mee deenen Hyperpazifiste soll awer trotzdem mol erkläert sinn, datt haut e moderne Rechtsstaat och net méi ouni eng Arméi auskënnt. Firwat? Majo, eng Arméi ass net an éischter Linn do, fir Krich ze féieren, mee eng Arméi ass an éischter Linn do, fir e Krich ze verhënneren.

An da kommen eng ganz Rei aner Entwécklungen derbäi. Ech hu virdu gesot, datt et nach keng UNO, keng NATO an och keng Europäesch Unioun Enn oder Mëtt de 40er-Jore ginn ass. A grad do si mir als Lëtzebuurger Land gefuerdert. Grad do kënnen mir u sech e wichtige Bäitrag leeschten. A mir mussen deen och leeschten, besonnesch um Niveau vun der NATO - mee herno kann ee bei deem anere Projet de loi nach eng Kéier kuerz drop zrëckkommen. Mee et ass awer wichteg, datt Lëtzebuerg säi Bäitrag leescht. A mir sinn do net onbedéngt am viischte Peloton. Ech mengen, dat wësse mer alleguer, datt mer nach ganz grouss Efforte mussen maachen.

Deen heite Projet de loi dréit vlächicht an engem ganz bescheidene Mooss dozou bäi. Dat ass och richtig. Ech fannen et och gutt, datt mer zu dësem Zäitpunkt, wéi gesot, déi Plaffongen elo no uewen adaptéieren, well mer eeben en attente vun deem neie Gesetz awer schonn d'Méigleckeet mussen kréien an eis och ginn, fir zousätzlech Leit ze rekrutéieren.

Wa mer natierlech iwwert de Rekrutement schwätzen, da mussen mer eis och Gedanke maachen: Wou fanne mer déi Leit? Wéi fanne mer déi Leit? Et ass virun der méi gesot ginn, datt mer virun allem an der Carrière inférieure e bësse méi Problemer hunn. Wann ech de Minister gutt verstanen hu bei deene leschten Aussoen, déi e gemaach huet, schéngt dat